

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Viru bal fënnef Méint ass zu Veianen laanscht d'Our no bei der Bréck op der rietsen Säit vum Floss eng Mauer agefall, well en Deel vun der Mauer vum Héichwaasser wechgerappt ginn ass. Dës Mauer stäipt d'Strooss vu Veianen iwwer Biwels op Stolzebuerg.

An deem Kontext wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Ass de Schued scho vun der zoustänneger Verwaltung evaluéiert ginn?*
- Wat fir Aarbechte mussen hei genee duerchgefouert ginn?*
- Wéi laang wäerten dës Aarbechten héchstwarscheinlech daueren?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu